

KSE - KLAMMPASS



Voraussetzunge fir de Klammpass ze maachen:

- 17 Joer al sinn,
- D'Sécherheetsmesure vum Klamm ouni Feeler beherrschen (Klammgurt undoen, Knuet maachen, Sécheren etc...),
- Minimum ob 3 Adulte Traineringer Dëschdes Owe komm sinn, wann een nach net klamme konnt (also ass den Examen fréistens um 4ten Training méiglech)
Oder
Minimum ob 1 Adulte Training Dëschdes Owe komm sinn, wann ee well an engem anere Club geklommen ass (also ass den Examen fréistens um 2ten Training méiglech),
- Accord fir d'Participatioun vum Trainer hunn,
- D'Cotisatioun vun der lafender Saison bezuelt hunn an een Avis de Débit fir den Examen dobäi hunn (Infos ob www.kse.lu),
- D'Fiche d'inscription ausgefüllt hunn an matbréngen oder raschécken (Fiche ob www.kse.lu).

Wou a wéini kann een den Exame fir de Klammpass maachen?

- Dëschdes Owe vun 19:30 bis 21:00 um Adulte Training

Wéini hutt een den Exame fir de Klammpass gepackt?

- Wann een während der Observatioun vun 1,5 Stonn um Adulte Training kee Feeler gemach hutt.

Wou muss ee sech umellen?

- Spéitstens bis Sonndes Owe eng SMS fir d'Umeldung mam Numm a Gebuertsdatum vum Prüfling un 691 83 73 14 schécke fir Dëschdes den Exame maachen ze kennen.
- Respektiv um Training virdrunner beim Trainer umellen.
- De Klammpass Exame kann net gemach ginn, wann een sech net ugemellt hutt.

Wichtig: Ouni KLAMMPASS duerf een net ausserhalb vum Adulte Training klammen. Ouni Klammpass duerf ee och net scho virum oder nom Adulte Training mat anere Leit klammen.

Richt wann een de Klammpass gepackt hutt a bezuelt hutt, gëtt een am TeamReach fir den Escalade Adulte KSE fräi geschalt an et duerf een ausserhalb vum Adulte Training klamme kommen.

